erzielt

# Siddeling a schwéierer Zäit

## RAD + KHD Méderchen

**Moderator** An déne vergaangene Sendunge hate mir ~~bericht~~ erzielt wéi et de Jongen ~~an~~ awer och de Méderchen am RAD also Reichsarbeitsdienst ergaangen ass. Bekanntlech hat de Gauleiter den 23 Mee 1941 den obligatoreschen Arbechtsdéngscht esouwuel fir Jongen wéi fir d'Méderchen ~~vum~~ vum Joergank 1920 (dekretéiert) no an no kumme dunn och ~~nach~~ dei aner ~~d'~~ Joergäng ~~1921 bis kuerz~~ an d'Rei Jéngst um 1926 ~~an d'Rei an~~ ~~esougar kuerz viru der Liberatioun och den Décret fir de Joergang 1927.~~

Wärend d'Jongen Méschtens an Lageren zu 100 mat och 100 Preisen an Holzbaraken ënnerbruecht waren, wären d'Méderchen a méi klénge ~~Gaffen~~ Gruppen zesummen. Heirinner hate mir scho bericht Och waren d'Méderchen méi am Zentrum vun Deitschland wärend ~~d'Jongen~~ de gréissten Deel vun de Jongen a Pole waren. An dofir waren d'Méderchen och méi de Gefore vun de Bombardementer ausgesat a wärten am Laf vun der Gespréicher heiriwwer zeréck kommen.

Zirka 13 000 Méderchen waren "gemustert" ginn, ~~ebesou~~ fir dëst preisescht Wuert ze gebrauchen; an aner Wieder: ënnersicht ginn fir an den RAD ~~fort~~ ze schécken.

Ronn 3 600 waren effektiv agezu ginn.

~~Wéi si net méi eran kom – gefall – gestuerwen oder blowe vermësst~~ [illegible]

Des Zuele weisen dass am Verhältnis zou de Jongen vill manner Méderchen zwangsrekrutéiert gowen an zwar aus verschiddden Ursaachen:

1. All déi Méderchen déi an der Industrie oder an der Landwirtschaft geschafft hun oder op eng plausibel Weis dëst konnte noweisen sinn net agezu ginn.
2. Déi bestuet waren gowen och net agezunn. Dofir huet sech ~~do~~ och munecher ént bestuet.
3. Déi krank oder kränklech waren, oder déi eng Krankheet konnte firtäuschen an heizou huet munche "gudden" Dokter gehollef, haten d'Chance der laanscht ze kommen

Leider hun der awer och vill missen dru gléwen :

3600 hu mir gesot wäre fort

an dovunner sin der <u>60</u> net méi erem komm – gefall – gestuerwen oder blowe vermësst.

Bei ons am Studio hu mir haut zwou Dammen als Zeitzeien!

Et sin d'Madame Bastian Hoffmann Irène an d'Madame ~~Putz Thill Irène~~ Vitali Schintgen Margo

~~Also zwéimol Irène an zwéimol Diddelenger Méderchen~~ :

~~Also~~ loosse mir ons emol an dei Zeit vu virun 52 Joer zeréck versetzen.

Démols war et net wéi haut :

D'Méderchen waren nach schéin vun de Jonge getrennt – An der Kirch : d'Jonge riets – d'Méderchen lénks – An de Schoulen : mir haten schéi getrennt ~~eng~~ Méderchen Schoulgaart ~~eng~~ Jonge Schoulgaart an et gow keng Riech ~~fir~~ dass e Jong ~~soll seet~~ am Schoulhaff vun de Méderchen soll ophaalen oder vice versa. An de Lycéen d'selwecht! Eso guer am Tramm fir an de Lycée : fir d'Méderchen – hannen Jongen ~~Eso guer~~ An der Diddelenger Schwemm um Enn vum schwarze Wé, waren Däg a Stonnen reservéiert fir d'Méderchen also ouni Jongen a wann et fir d'Jonge war da konnten héchstens d'Méderchen ~~op~~ vun der schwarzer eisen Bréck erof an d'Schwemm kucken.

X

Ons 2 Dammen hei am Studio 1924 gebuer haten also 1943 knapps 19 Joer. Madame Bastian, also Hoffmann's Irène aus der Zoufftgerstrooss oder hu mir démols nach Läderguss gesot : Wei war et? Wann ech mech gutt erinneren war's du ~~an~~ dei Zeit am Lycée!

X Dei Zeit net mam Fliger

Velosen op Tocht

or d'Bahn

Dé
~~Em~~ aner Zeitzeien bei eis am Studio : 8.4

d' Madame Vitali Schintgen Margot

Et ass e Meedchen aus der Staat wat sei fléch zou Diddeleng fuert huet

Wé war et démols ?